



FRÄIE MIKRO

# Kënnt dir eppes mat engem "Häerz Maria"-Ritual ufänken?

31. Mäe 2022 - 09:00

**De Poopt huet de leschte Freideg d'Ritual "Häerz-Maria" vollzunn. Ee lächerlecht an abstruust Ritual, mengt de Bob Reuter am Fräie Mikro. Fir der Ukrain ze hëllef braucht et konkret a behäerzt Handelen, a kee magescht Denken a Symbolik.**

*Bob Reuter / cbi*



*De Bob Reuter ass President vun AHA Lëtzebuerg. Foto: Archiv*

Vill vun eis fillen eng gewëss Hëlleflosegkeet vis-à-vis vum Krich an der Ukrain a géife gärén eppes maachen, fir deenen ze hëllef, déi ënner dëser onerdbarer Situatioun leiden.

Dat ass eng zimmlech normal Konsequenz vun eisem Matgefill. Idealerweise féiert dës Emotioun eis dozou fir konkret ze handelen, fir deenen an Nout ze hëllef.

Et gi verschidde Méiglechkeeten: mir kënnen humanitär Organisatioune duerch Spenden ënnerstëtzen, un Demonstratioune deelhuele fir eis Oppositoun zum Krich auszedrécken, eng Politik, déi Flüchtlinge wëllkomm heescht, öffentlech begrëssen, oder Flüchtlinge bei eis doheem ophuelen, asw.

Natierlech muss ee sech bewosst bleiwen, datt all dës Aktiounen nëmmen eng bescheiden a limitéiert Wierkung hunn. An awer si se wichteg. Zesumme kënnen mer och duerchaus eppes bewierken.

## Ee befriemlecht Ritual vum Poopst

Ech gesinn awer net, wéi déi rezent Aktivitéite vum Poopst vun der kathoulescher Kierch wierklech Hëllefle sollen. Ech begrëssen, natierlech, déi däitlech Wieder mat deenen hien, wéi vill aner och, d'Gewalt verurteilt huet.

Iwwer dat Ritual, bei deem hien de leschte Freideg Russland an d'Ukrain dem "onbefleckten Häerz vu Maria" geweit huet, kann ech awer just de Kapp rëselen. Mat dëser Zeremonie géif de Poopst "d'Muttergottes froe fir dës Länner bäizestoen".

Dat wierkt befriemlech aus e puer Grënn.

De Poopst huet éischtens dobäi Russland net als Agresseur benannt. Fir d'Vertrieder vun der Russesch-Orthodoxer Kierch net ze brüskéieren, wéi et schéngt.

De Kyrill den 1., Patriarch vu Moskau, hat jo sengem "léiwe Wladimir Wladimirowitsch" zum "Dag vum Verdedeger vum Heemechtsland" ausféierlech gratuléiert an all déi gelueft déi "ee verantwortungsvolle Militärdéngscht leeschten, d'Grenze vun hirer Heemescht beschützen a sech ëm d'Stärkung vu senger Verteidegungsfäegkeet a nationaler Sécherheet këmmere".

## En Ausdrock vun Hëlleflosegkeet

Des Weidere staamt dat Ritual aus enger Zäit, wou et a Westeuropa d'Angscht gouf, datt Russland vum chrëschtliche Glawen offale kéint an et ass während dem "Kale Krich" ëfters praktizéiert ginn.

Wéi wann elo de Problem wier, datt Russland de chrëschtliche Glawe verléiere géif? Respektiv wéi wa grad de Glawen hei de Schlëssel zum Fridde wier. Ech hunn do sou meng Zweiwel.

Et ass och duerchaus problematesch, datt de Poopst elo och nach iwwer d'Ukrain "verfüügt" a se, ongefrot, ënner de Schutz vun enger "himmlischer Gestalt" ze stelle mengt.

Den Dogmenhistoriker Michael Seewald huet dofir Recht wann hie seet, datt dat Ritual "een Ausdrock vun Hëlleflosegkeet ass".

## Gleeft de Vatikan iwwerhaapt selwer dorun?

Et ass awer méi wéi dat. Et ass entweder een Ausdrock vu mageschem Denken. Oder et ass ee Versuch fir de Leit eppes virzemaachen.

Ech ka mer kaum virstellen, datt de Vatikan selwer gleeft, datt si mat hirem komesche Ritual dat bewierke kéinten, wat si behaupten, datt et bewierke soll.

Mat esou engem abstrusen a lächerleche Ritual weist d'kathoulesch Kierch nees, wéi deconnectéiert se dach ass par Rapport zur Welt, an där mer liewen, an och par Rapport zu engem Deel vun hirer eegener Basis.

Souguer innerhalb vun der kathoulescher Kierch ass dat aussergewöhnlecht Ritual duerchaus ëmstridden, well déi meescht Katholicke mat dëser Häerz-Maria-Frëmmegkeet (zu Recht) näischt (méi) ufänke kënnen.

---

**Mam Zil fir déi öffentlech Debatt ze fërderen, invitéiert de radio 100,7 am Fräie Mikro Leit aus der Zivilgesellschaft fir aktuell Theemen ze kommentéieren. De Fräie Mikro ass e Gaaschtbäitrag mat [Richtlinnen](#), am Respekt vun eisem [Cahier des Charges](#), ënner der finaler Responsabilitéit vum radio 100,7. Dëse Bäitrag gëtt d'Meenung vu sengem Auteur erëm an net vun der Redaktioun.**

## An der Mediathéik:

[Fräie Mikro](#) / 31. Mäe 2022 - 07:50 / Bob Reuter

Lauschteren 